N°7099
Entrée le 31.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Wann eng Persoun am Apprentissage adulte säin DAP gepackt huet an sech besser Chancen am Beruffsliewe well erschaffen, kann en och nach den Diplome vum Technicien maachen. Do muss een dann am Normalfall op enger Deuxième ufänken. Wéi verschidde betraffe Schüler a Schülerinnen erkläert kruten, kéint een angeblech d'Deuxième iwwersprangen an direkt op der Première ufänken, wann een d'Mentioun "excellent" erreecht hätt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Aspekter gi fir déi erwäänten Mentioun "excellent" gekuckt, fir dass eng Persoun d'Deuxième kann iwwersprangen? Sinn dat zum Beispill d'Notten aus alle Fächer, déi dofir gekuckt ginn, oder bezitt sech dës Mentioun just op eng Selektioun vu Fächer?

2. Déi entspriechend Course kënnen aktuell nëmmen am Lycée zu Lalleng gemaach ginn. Ass de Ministère gewëllt do eppes ze änneren, fir dass des Coursen och an aneren, méi zentral geleeënen Lycéeë kënne stattfannen?

3. Aktuell ass et virgesinn, dass een d'Deuxième à temps complet muss maachen an nëmmen d'Première kann am concomitant gemaach ginn. Ass de Ministère gewëllt do eppes ze änneren an och d'Deuxième genau wéi d'Première am concomitant unzebidden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten